Séng Famill wor ganz intresséiert un deem, wat an hirem Haus viru ville Jore geschitt as.

Vun allem, wat nach do as vu fréier, as d'Falldir fir an de Keller. Si as allerdéngs mat engem Teppech zougedeckt.

Wéi ech fortgefuer sin hun ech all déi schéin Haiser ronderëm bewonnert a geduecht :

As et méiglech, datt iwwerhapt ee vun all denen, déi elo hei wunnen, eng Anong vun all deem huet, wat viru méi wéi 43 Joër hei geschitt as ? D'Zäit deet vergiessen, awer d'Erënnerung bleift, an dout as nëmmen deen, dee vergiess as.

Den Emile Oswald a säi Mi sin also nët dout !

## En Duerf un der Viichtbach


Um halwe Wee zwëschen Useldéng a Groussbus féiert d'Strooss mech duerch e proppert Duerf, dat séng meescht Haiser laanscht d'Haaptstrooss op enger Längt vun 2 km stoen huet. Obschons dat Ganzt op der Landkaart nëmmen een Duerfnumm huet, gët dach vun Obervichten a Niedervichten geschwat a geschriwwen . . .

Wann een sech d'Méi mécht, e wéineg an der Geschicht vu Viichten nozefuerschen, fënt een intressant Dokumenter, déi nach bis an d'Zäit vun de Réimer zréckreechen. Et as also ouni Zweifel eent vun den eelsten Dierfer aus dem Land.

Aus deër Zäit, wou ech selwer nach „eppes" mat Viichten ze din hat woren déi fofzeger Joren, wou ech als Examinateur d'Leit vu Vichten an den Examen krit hun, déi en Traktersführerschäin wollten hun. Duerno sin ech emol op d'Häff gefuer, fir déi zukünfteg Chauffeure vun de Méidrescher ze préiwen. Deemools wore kaum 100 Haiser zu Viichten.



*Viichten*



*Camille SCHAULS*
*e grousse Resistenzler*

Duerch d'Neelfabrik vu Biissen an d'Goodyear zu Kolmer sin elo vill Leit zu Viichten enregistréiert an et stin elo duebel esou vill Haiser do.

Wéi d'Landwirtschaft zréckgaangen as, sin och ganz vill Handwierker verschwonnen. Et gouf Woner, Schmëdd, Schousteren a nach vill aner kleng Betriber, déi verschwonne sin. Allgemeng bekannt a gesicht wor och de Brannte-wäin aus enger vun dene 6 Brennereie vu Viichten.

All dat gët et nët méi an as vergiess.

Wat awer nët vergiess duerf gin as déi Zäit vum leschte Weltkrich, wou d'Awunner vu Viichte munnech geféierlech Situatiounen erlieft hun.

Ob déi 580 Awunner, dorënner 80 Kanner, iwerhaapt eng Anong hun, wat am Krich 1940-45 an hirem Duerf geschitt as ?

Dat as eigentlech de Grond, wofir ech op Viichte gefuer sin, fir mech op der Plaz selwer mat Leit ze ënnerhalen, déi deemools derbäi woren, wéi d'Preisen trei a brav Viichtener Leit kujenéiert hun, wëll si der Hemecht trei dénge wollten.

Wéi ech bal an der Mëtt vum Duerf ukom sin, hun ech hanner enger schaarfer Kéier an der Grousstrooss no engem Haus gesicht, dat verschwonnen as, wëll et do gehënnert huet.

Et wor d'Haus vu gudde Leit, dër Koppel Staudt-Simon, déi ouni Kanner woren. Dat huet si awer nët dervun ofgehal, mat alle Kräften a Mëttelen ze hëllefen, aner Leit hir Kanner gesond duerch de Krich ze bréngen.

Genee op der anerer Säit vun der Strooss, also den direkten Noper vu vis-à-vis, wunnt d'Famill Camille Schauls-Meyer.

„Wann Där gäre géngt wëssen, wéi dat deemools gaangen as, da musst Där de Camille froen". Esou wor mär gesot gin, an ech hat dat och wëlles, wëll dat jo den eigentlechen Zweck vu méngem Besuch wor. De Camille Schauls huet mech frëndlech emfaangen a mär si gläich an d'Gespréich kom iwer déi schrecklech Erliefnësser aus der Nazizäit. Ech muss awer nach gläich soen, datt de Camille mär vum éischten Ament u ganz sympathesch wor. Hie wor ganz hëllefsbereet a wéi ech herno och nach gewuer si gin, datt de Camille en aktive Resistenzler vun der L.V.L. wor, hun ech gewosst, datt ech op der richteger Adress wär.

Hien huet de Preisen am Krich esou munche Streech gespillt an as beim „Referendum" vun der Polizei „zwangsweis" virgefouert gin. Beim Streik wor hien an der Affär „Weigerung der Milchabgabe" nët ganz onschëlleg, wëll hien och do säi Pefferkär derbäi geluegt hat.

Ech hat also e gudden treie Lëtzebuerger viru mär, dee mär hëllefe wollt „alles" esou nidderzeschreiwen, wéi et deemools wor.

## E gudde Patriot erzielt

Wësst Där, Här Kremer, hei zu Viichte war et genee wéi iwwerall am ganze Land. D'Preisen hu mat alle Mëttele versicht eis kleng ze kréien, wat hinnen awer nët ëmmer duerchgeschloen as.

Am meeschten hu mär eis Suergen iwer eis Jonge gemaacht, déi vun de Preisen an d'Wehrmacht gezwonge si gin.

Hei am Duerf wore vill grouss Haiser an Häff, et bestunge vill Méiglecheketen, fir d'Jongen ze verstoppen, awer d'Gefore wore grouss an nët jidderee wor bereet, esou e grousse Risiko op sech ze huelen.

Aner Haiser wäre gär bereet gewiescht, si haten awer eler Leit am Haus, déi dat nët verdroen hätten.

Et woren awer och Leit hei zu Viichten, déi no näischt gekuckt an nët gefaart hun.

Eng vun dene Familje wor mäin Noper. Ech hat selwer keng Anong, datt de Jhang Staudt Jongen a séngem Haus verstoppt hätt bis mär dat e fréie Muergen duerch d'Preise selwer gewuer si gin an zwar op eng Manéier, déi eis e grousse Schreck agedriwen huet.

## Eng Razzia

De 16. Juli 1944, géint halwer sechs an aller Fréi, sin e puer Camione voll Militär mat vill Gedäisch hei ugeréckt an hun eis ganz Noperschaft ëmstallt. Op e puer Plaze wore Maschinnegewierer opgeriicht an d'Saach huet ganz kritesch a geféierlech ausgesin.

Nach ëmmer hat keen eng Anong, wat eigentlech lass wär, bis de Chef vun der Gestapo kom as, deen de Buurgermeeschter schon a séng Wunnéng siche wor.



*De Jean STAUDT a séng Fra Marie Simon, zwee gudder Leit*

Wëll e puer Deg virdru 4 Kollege vu mär verhaft wore gin, hun ech geduecht, elo kommen se dech sichen.

De Buurgermeeschter as bei mech kom an huet zu mär gesot, et wär der Gestapo rapportéiert gin, de Jhang Staudt hätt Déserteuren a séngem Haus verstoppt, weess Du eppes dovun ?

„Sie kommen auch mit". De Chef vun der Gestapo huet mech mam Aarm geholl a virun sech hiergedréckt. „Sie und der Alte gehen vor", dat wor fir de Jhang gemengt.

D'Preisen hun nët gewaart bis een d'Dir am Haus opgemaach huet, si hun d'Dir ageschloen an alles am Haus op d'Kopp gekéiert.

Uewen am Zëmmer hu si zwee Better fond, déi nach waarm woren an hun de Jhang a séng Fra aus hirer Schlofkummer erausgeholl.

Wéi d'Jongen d'Preisen héieren hu kommen, woren si erof an de Stall gelaf. Ee vun de Jongen hat de Schlëssel op der Dir vum Jhang sénger Kummer ëmgedréit. Hien hat et gutt gemengt awer doduerch wor eng onméiglech Situatioun entstanen . . .

## Wo sind diese Schweine nur versteckt ?

D'Gestapo huet de Jhang a mech an d'Scheier gedriwen an eis forcéiert d'Leder eropzeklammen. Fir op d'Genn ze kommen huet een hanner deem anere musse bleiwen. Si hu sécher geduecht, wann d'Jonge génge schéissen, wäre mär déi éischt drun.

Ech hat kuurz d'Méiglechkeet dem Jhang ze pësperen : „Wou sin se ?" De Jhang huet mär mat den Aen e Wénk gin an hannen an den Eck gewisen.

D'Hee wor eréischt viru 14 Deg erakom a luch op zwéi Kéip. An der Mëtt wor e Passage. Deemools as d'Hee nach mat Gafelen op d'Genn geworf an da getrëppelt gin.

De Jhang an ech hun eng Gafel an de Grapp gedréckt krit, a mär hun d'Hee mussen erof an den Haff geheien. Wéi mär eng Säit fäerdeg haten, hu mär op deen anere Koup musse klammen. Mär wollten eng Rascht aleën, awer de Gestapochef huet gejaut : „Weiter machen, weiter". Ech hun de Jhang eng Kéier bekuckt, an ech hu gespuert, datt hie bal „um Enn" wor. Mär hate schon e gudden Deel vum Koup erof wéi ech zum Gestapochef gesot hun : „Sie sehen ja, es ist nichts zu finden".


„Das ist mir ein Rätsel. Wir haben Beweise, dass in diesem Anwesen Deserteure versteckt sind. Jemand der einen dieser Verbrecher nach hier geführt hatte, hat es uns selbst verraten. Und dann die warmen Betten oben im Zimmer und wer hat den Zimmerschlüssel umgedreht ? Unsere Leute haben nach ihrem Eintreffen Schritte vom Haus in die Scheune gehört. Nein, die müssen da sein".

Hien hëlt de Revolver a setzt dem Jhang en op d'Broscht. „Ich werde sie erschiessen". Hien huet awer nët geschoss.

„Ich werde sie in diesem Heu lebendig verbrennen lassen, wenn sie nicht gleich sagen, wo diese Schweine sich versteckt haben".

De Jhang hat trotz der geféierlecher Situatioun eng Rou, déi ze bewonnere wor, all Dräe vum Preiss huet näischt gedéngt.

Op eemol sot de Jhang. „Sie wären besser in Russland an der Front, statt dessen die Leute hier zu „verhunzen". Dat wor zevill fir de Preiss.



*Dräi Schoulkomerode begéinen sech op Krëschtdag 1942*
*Vu lénks : Misch KIRSCH †, Emile WOHL † an de J.P. JACOBY †*

De Camille stung just iwer deem klenge Bunker am Hee an et wor nach ongeféier iwer 1 Meter Hee drop wéi de Preiss vu Roserei gebrëllt huet : „Jetzt wird alles durchschossen und wenn die Saukerle doch noch drin sein sollten, bekommen sie den Arsch voll.

Hien hëlt d'Gewier a schéisst an d'Hee eran, ronderëm de Camille, dee roueg stoe bliwen as an huet domat denen 3 Jongen, déi ongeféier méi wéi ee Meter ënner him am Bunker sutzen, d'Liewe gerett.

## An de Kloe vun der Gestapo

D'Preisen hu wuel gesinn, datt de Jhang hinnen d'Stopp nët verrode géng. Si hun hien a séng Fra verhaft an fortgefouert. No laangem Verhéier, wou d'Gestapo näischt aus dem Jhang erausschloe konnt, sin si zwee an d'K.Z. kom.

Och dat hu si ausgehal, an no der Liberatioun geschwächt erëm heemkom.

Éier d'Preisen sech zréckgezun hun, hun se den Deckel vun der Zetär opgehoff an eng Handgranat dra geworf.

De Jhang hat zwéin Deg virdrun Zetär eidel gemaach an de Jos Muller hat wëlles, am Noutfall sech an d'Zetär ze verfuussen. E Gléck, datt hie mueres nët derzou kom as.

No deer grousser „Suchaktion", déi d'ganzt Duerf an en grouss Onrou bruecht hat, hun d'Preisen sech erëm an hir Gefierer gesat a si fortgefuer. Eng Wuecht vu 4 Mann as op der Plaz bliwe bis owes 10 Auer.

Ech hat de Chef vun der Gestapo gefrot, fir de Schlëssel vum Haus a vum Stall ze kréien, „wegen dem Vieh", hun ech gesot.

Hie wor d'accord „unter der Bedingung, dass das Pferd, die Kühe und die Schweine regelmässig gefüttert werden".

Mär sutzen all beieneen an eiser Stuff wéi geschloën. Eise Kniecht, de Jhäng Staudt wor de Neveu vum Jhang Staudt. Mat him hun ech elo mussen iwwer alles schwätzen. Hie selwer wousst nët, datt säi Monni Jongen am Haus hat, an hie wousst och nët, wou de Bunker wär. Mär sin eis eens gin, datt mär an der Nuet heemlech génge weider sichen, fir d'Jongen ze fannen.

Wann se duerch d'Schéisserei nët méi um Liewe sollte sin, génge mär si heemlech begruewen.

Et wor ëm Hallefnuecht wéi méng Schwëster mech ugestallt huet, d'Luede virun de Fënsteren zouzemaachen. Wéi ech hannert d'Haus kom sin, stunge ganz onerwaart an der Däischtert 3 Jonge viru mär. Zwéi vun hinnen hun ech gläich erkannt. Et wor de Muller Jos vun Iewerléng an den Ugène Weynand vu Biissen. Deen drëtte wor den Emile Thommes vu Schëffléng.

Si hu mär Merci gesot, wëll ech hätt hinnen d'Liewe gerett.

Wann een e ganzen Dag näischt giess huet, as een hongreg. Mär hun hinnen ziessen an ze drénke gin.

Si hun eis och gesot, datt si d'Gestapo héieren hätten, wéi si mat den Autoen ukomm wären an hätte nach just Zäit gehat an de Bunker ze verschwannen.

Si haten och e Gespréich vun dene 4 Posten nogelauschtert. „Es könnte eine Möglichkeit bestehen, dass vielleicht ein geheimer Gang von einem Haus zum anderen führt. Wir werden morgen die Nachbarhäuser nochmals unter die Lupe nehmen müssen".

Si sin nët méi erëm kom, si wollten sech nët nach eng Kéier blaméieren. Dat hu mär jo awer nët gewosst an dofir hu mär gesuergt, datt d'Jongen aus dem Haus kom sin.

Nach an deer selwechter Nuet hun ech d'Jongen an e „Naturbunker" gefouert, dee wäit ënnen an eiser Perch luch.

Vun Dënsteg bis Samsteg sutzen déi dräi Jonge bei de Béischten an engem Stall. Et as kéngem opgefall, wann ech an d'Perch gaange sin, fir nom Véi ze kucken. D'Iessen an d'Gedrénks hu mär hinnen nuets fir de ganzen Dag gedroen.

De Jhang Simon, e Schwoër vum Jhang Staudt, huet mär gehollef den Ugène Weynand glécklech op Kolmer ze féieren. Déi aner zwéin hun ech an der Nuet op Groussbus gefouert, wou si vu gudde Patriote weider gehollef krit hun.

Allen dräi hun si de Krich iwwerlieft a sin eis no der Liberatioun nach eng Kéier Merci soe kom.

De Jhang a séng Fra Märi sin nom Krich aus dem K.Z. erëm kom. De Jhang sot : Et geschéien dach nach Wonner, wëll dat, wat mär deemools um Heeknapp erlieft hun, wor e Wonner.

Wann een iwwerleet, zwee braver Leit, déi keng Kanner haten, hun hiirt Liewe rëskéiert fir d'Kanner vun anere Leit um Liewen ze erhalen. Wéi liicht hätten si et kënnen hun ewéi vill aner, déi sech ëm näischt gekëmmert hun.